N°1826
Entrée le 20.02.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier BETTEL an vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit Serge WILMES op d'parlamentaresch Fro n°1826 vum 23 Januar 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT**

**Ad 1)**

Wéi den honorabelen Deputéierte villäicht net matkritt huet, gouf de "*Projet de loi portant approbation de l'Accord se rapportant à la Convention des Nations Unies sur le droit de la mer et portant sur la conservation et l'utilisation durable de la diversité biologique marine des zones ne relevant pas de la juridiction nationale, fait à New York, le 19 juin 2023"* (de "BBNJ Accord"), den 18. Juli 2024 an der Chamber deponéiert. De Chamberdossier dréit de Nummer 8416.

**Ad 2)**

De Staatsrot huet den 10. Dezember 2024 säin Avis publizéiert.

**Ad 3)**

Et wäert op besteeënd Ressourcen a Kapazitéiten zeréckgegraff ginn.

**Ad 4)**

De Ministère fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel an de Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit sinn am Ratifikatiounsprozess agebonnen.

Luxembourg, den 20. Februar 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel
(s.) Xavier Bettel